De Bierger

BIERGER INITIATIV
GEMENG DIPPECH

Le journal des citoyens de la commune de Dippach - D'Zeitung vun de Bierger aus der Gemeng Dippech

www.biergerinitiativgemengdippech.lu N°2 • 2022

## SCHULLER/ SPRÉNKENG

# MILLIOUNE FIR E PARK

## DOFIR AWER KEEN ACCÈS IWWERT D'HAAPTSTROOSS (RN5)

Den Ausbau vum Schuller-Sprénkenger Park ass en disproportionéierte Milliouneprojet, deen déi nächst Joren de Gemengebudget staark belaascht wäert.

Dag a Nuecht gouf souguer un engem Tunnel ënnert der Haaptstrooss geschafft, fir dass de Park nach virun de nächste Walen am Juni 2023 fäerdeg gëtt. Dass dofir awer mat Momenter vill Bierger dem Kaméidi a Knascht ausgesat waren, gouf bewosst vum Schäfferot a Kaf geholl och wann d'Gemeng am Viraus Ouerestëpp verdeele gelooss huet.

**Als Biergerinitiativ bedauere mir, dass d'Bierger net mat agebonne gi sinn bei der Ausschaffung vun dësem Projet, deen de Schäfferot am Alleingang duerchzitt.**

Den Ausbau vum Park och nach als „séchere Schoulwee" ze bezeechnen wéi de Verkéiersschäffen dat an der Press gemaach huet, ass eng realitéitsfriem an demagogesch Ausso.

**D'Biergerinitiativ huet nämlech konkret am Gemengerot virgeschloen, dass vun der Haaptstrooss aus (nieft dem Dokter) een direkten Foussgängerzougang an de Park gebaut gëtt, fir dass d'Bierger och sécher zu Fouss bei den Dokter, op Tankstell oder an d'Apdikt goe kënnen.** Sou en Accès vun der Haaptstrooss aus war awer net vum Schäfferot gewollt! Waren dofir keng Sue méi do? Op alle Fall wäerten d'Leit leider och an Zukunft weiderhin iwwert d'Haaptstrooss trëppelen.



Schuller: Vun der Haaptstrooss aus ass keen Accès an de Park geplangt.
*Schouweiler: Aucun accès dans le parc n'est prévu depuis la route principale*

## SCHOUWEILER/ SPRINKANGE

# *L'AGRANDISSEMENTDUPARC COÛTERA DES MILLIONS,*

## *MAIS AUCUN ACCÈS N'EST PRÉVU DEPUIS LA ROUTE DE LONGWY (RN5)*

*L'agrandissement du parc à Schouweiler-Sprinkange est un projet disproportionné dont le coût impactera lourdement et sur plusieurs années le budget communal. Les travaux de construction d'un tunnel sous la Route de Longwy (RN5) ont duré jour et nuit au détriment de la tranquillité des riverains. Car l'objectif est de terminer à tout prix les travaux avant la prochaine échéance électorale en juin 2023. Ainsi* ***les responsables politiques ont délibérément exposé les habitants à ces multiples nuisances*** *malgré la distribution dérisoire de protections auditives (bouchons d'oreilles) par le collège échevinal.*

***La Biergerinitiativ regrette que les citoyens n'aient pas été impliqués dans l'élaboration de ce projet exclusivement géré par le collège échevinal.***

*D'autre part,* ***la Biergerinitiativ avait demandé la réalisation d'un accès piétons dans le parc depuis la route principale (à côté du cabinet médical).*** *Nous déplorons que notre proposition a été rejetée par les responsables communaux. Ainsi aucun accès n'est prévu depuis la Route de Longwy (RN5) ce qui est incompréhensible. S'agit-il d'une question d'argent ? En tout cas à l'avenir, tous ceux qui se rendent au cabinet médical, à la station-service ou à la pharmacie n'ont pas d'autre choix que d'emprunter la route principale.*



# Feelplanung beim Ausbau vun der Grondschoul

## Schäfferot huet Schülerzuel ënnerschat

Eréischt am Joer 2016 gouf déi nei Grondschoul gebaut a muss haut ausgebaut ginn. D'Gebai ass schonn ze kleng. Dofir gëtt elo eng Annexe gebaut fir d'Kanner aus dem Zyklus 1. Sou sollen d'Kanner aus der aler Spillschoul an déi nei Annexe plënneren wat mir als Biergerinitiativ och begréissen an am Gemengerot matgestëmmt hunn.

Duerno zu engem spéideren Zäitpunkt wollt de Schäfferot aus der aler Spillschoul eng Annexe fir d'Maison Relais maachen. Dëst ass awer elo net méi méiglech wëll de Schäfferot seng Hausaufgabe net gemaach huet.

Wéinst engem feelenden Agrément kann nämlech déi al Spillschoul spéiderhin net wéi versprach als Maison Relais genotzt ginn. Dobäi kënnt och nach, dass ab der nächster Rentrée vill méi Kanner an d'Maison Relais wäerte goen.

De Schäfferot huet och hei offenbar d'Unzuel vu Kanner an der Maison Relais vëlleg ënnerschat a sicht elo provisoresch no Klassesäll.

Wëll dem Schäfferot seng initial Pläng fir aus der Spillschoul eng Maison Relais ze maachen net méi ëmsetzbar sinn, muss elo zousätzlech an an nächster Zukunft och nach eng fonkelnei Annexe fir d'Maison Relais gebaut ginn.

Fir d'Biergerinitiativ ass dem LSAP-DP-Schäfferot seng amateurhaft Virgoensweis total inakzeptabel. Sou mécht ee keng raisonnabel an zukunftsorientéiert Politik.

# *Planification erronée concernant l'agrandissement de l'école fondamentale*

## *Le collège échevinal a sous-estimé le nombre d'élèves*

*La construction de la nouvelle école fondamentale ne date que de 2016. Aujourd'hui, le bâtiment est déjà trop petit. Une annexe est actuellement en construction pour les enfants du cycle 1.*

*Selon les projets initiaux des responsables communaux, l'ancien bâtiment de la « Spillschoul » devait servir d'annexe de la Maison Relais. Or en raison de l'absence d'un agrément indispensable, il ne sera plus possible d'utiliser plus tard l'ancienne « Spillschoul » comme Maison Relais.*

*Par ailleurs, les responsables communaux ont totalement sous-estimé le nombre d'élèves fréquentant la Maison Relais.*

*En d'autres termes, la commune devra bientôt et à nouveau investir dans un nouveau bâtiment pour accueillir tous les enfants de la Maison Relais.*

*Pour la Biergerinitiativ, l'amateurisme du collège échevinal LSAP-DP en matière de planification est flagrant. Les responsables ne maitrisent apparemment pas les bases d'une planification pluriannuelle.*




**D'Biergerinitiativ bedauert, dass wéinst dem Schäfferot senger amateurhafter Virgoensweis déi al Spillschoul net wéi geplangt als Maison Relais genotzt ka ginn. Nach e weidere Neibau muss dofir gebaut ginn.**

***La Biergerinitiativ regrette que l'ancienne Spillschoul ne pourra pas être utilisée comme Maison Relais à cause de l'amateurisme des responsables communaux. Encore une nouvelle annexe devra bientôt être construite.***



Déi nei Schoul aus dem Joer 2016 ass haut schon ze kleng a gëtt fir 7,5 Mio EUR ausgebaut.

*L'école fondamentale de 2016 est déjà trop petite et est actuellement agrandie pour un budget de 7,5 Mio d'EUR.*

## EIS VERTRIEDER AN DER GEMENG



**Sven SCHAUL**
**Gemengeconseiller**
***Conseiller communal***
Member vun der Chancëgläichheetskommissioun
*Membre de la commission de l'égalité des chances*




**Gaby BECKER**
Member vun der Intergenerationskommissioun
*Membre de la commission intergénérationnelle*



**Amin CHENTITE**
Member vun der Kultur- a Sportskommissioun
*Membre de la commission culturelle et de la commission des sports*



**Romain FOLSCHETTE**
Member vun der Integratiounskommissioun (bis Oktober)
*Membre de la commission de l'intégration (jusqu'en octobre)*



**Mandy KEIL**
Member vun der Schoulkommissioun
*Membre de la commission scolaire*




**Josy KIRSCH**
Member vun der Ëmweltkommissioun
*Membre de la commission de l'environnement*

## NOS REPRÉSENTANTS DANS LA COMMUNE




**Romain SCHEUREN**
**Gemengeconseiller**
***Conseiller communal***
Member vun der Bautekommissioun
*Membre de la commission des bâtisses*



**Jean-Claude LUCIANI**
Member vun der Archivekommissioun
*Membre de la commission des archives*



**François NEVES**
Member vun der Integratiouns-kommissioun (ab Oktober)
*Membre de la Commission de l'Intégration (à partir d'octobre)*



**Gerry SCHMIT**
Member vun der Verkéierskommissioun
*Membre de la commission de la circulation*



**Herwig TEMMERMANN**
Member vun der Finanzkommissioun
*Membre de la commission des finances*



**Fabrice TORINO**
Member vun der Integratiounskommissioun
*Membre de la commission de l'intégration*

# Minister an Eieregäscht mussen iwwer 20 Minutte laang waarden

Op d'Aweiung vun der Sportshal huet de Schäfferot de Sportminister invitéiert. Um Punkt 10 Auer waren de Minister an d'Éieregäscht do an hu gewaart.

Mat iwwer 20 Minutte Verspéidung ass schlussendlech d'Buergermeesch-tesch ugedanzt komm fir d'Bändchen duerchzeschneiden. Wéi sou dacks war d'Madamm anerwäerts beschäftegt! D'Membere vum Gemengerot waren zwar invitéiert, awer net op der offizieller Foto erwënscht.

**Am Gemengerot huet d'Biergerinitiativ fir d'Renovatiounsaar-bechten un der Sportshal gestëmmt, well et geet schliisslech ëm de Confort vun eise Sportler a Veräiner. An och hei huet d'Biergerinitiativ sech mussen dofir asetzen, dass och e Lift fir Leit mat Behënnerung gebaut gëtt. Dëst hat de Schäfferot nämlech vergiess. Obwuel d'Biergerinitiativ och eng Infirmerie gefuerdert huet, war dëst keng Prioritéit fir de Schäfferot.**

# *Le Ministre et les invités doivent attendre plus de 20 minutes*

*Le collège échevinal a invité le Ministre des Sports à l'inauguration du hall sportif. A 10h00, tous les invités étaient présents et attendaient.*

*Avec un retard de plus de 20 minutes, la bourgmestre a finalement daigné arriver pour couper le ruban. Madame était, comme si souvent, occupée ailleurs ! Cependant les membres du conseil communal ont été écartés de la photo officielle.*

***Au conseil communal, la Biergerinitiativ a voté pour les travaux de rénovation du hall sportif car il s'agit d'un investissement en faveur de nos sportifs et clubs de sport. Ainsi et grâce à l'engagement de la Biergerinitiativ, un ascenseur pour personnes à mobilité réduite a finalement été intégré dans le projet car le collège échevinal avait oublié un tel dispositif. La Biergerinitiativ a également demandé l'installation d'une infirmerie ce qui a été refusé par les responsables politiques.***



2,8 Mio EUR hunn d'Aarbechte kascht déi d'Biergerinitiativ am Gemengerot matgestëmmt huet.
*La Biergerinitiativ a voté au conseil communal les travaux pour un montant global de 2,8 Mio d'EUR.*



Iwwer 20 Minutten hunn Minister an Éieregäscht op d'Buergermeeschtesch gewaart.
*Pendant plus de 20 minutes, le Ministre et les invités ont attendu la bourgmestre.*

# Eise lokale Patrimoine muttwëlleg zerstéiert

Nieft der Gemeng zu Schuller baut de Schäfferot fir iwwer 8 Mio EUR e Kulturhaus. Op dëser Plaz stung fréier e Bauerenhaff (Forettenhaus) vun deem bis viru kuerzem nach just de Schapp iwwreg bliwwen ass.

Den Architekteplâng no sollt dëse Schapp restauréiert ginn a fir déi zukünfteg Generatiounen erhale bleiwen.

**Obwuel dem Gemengerot den Erhalt vun dësem Schapp offiziell zougeséchert gi war, gouf dësen elo trotzdeem ofgerappt.**

Dëst ass nees e Beispill dofir, wéi den LSAP-DP-Schäfferot an der Praxis mat eisem lokale Patrimoine ëmgeet an de Gemengerot reegel-méisseg belitt.

**Fir d'Biergerinitiativ ass dëst inakzeptabel.**

# *Destruction de notre patrimoine local*

*Le collège échevinal a commandité la construction d'une maison de la culture pour un coût de 8 Mio d'EUR à côté de l'actuelle mairie à Schouweiler. A cet endroit se trouvait un bâtiment appartenant à l'ancienne ferme appelée « Forettenhaus ».*

*Les plans d'architecte prévoyaient que cette ancienne bâtisse devait être restaurée et sauvegardée pour les futures générations.*

***Malgré la promesse faite au conseil communal de conserver ce bâtiment en l'état, le collège échevinal a finalement décidé de sa démolition.***


*Outre un désintérêt profond pour notre patrimoine local, cet exemple confirme que le collège échevinal renie constamment sa parole.*

***Pour la Biergerinitiativ, un tel comportement est inacceptable.***





De Pläng no sollt dëst Gebai erhale bleiwen. Lo ass et ofgerappt.
*Cette bâtisse devait être conservée. Elle est démolie aujourd'hui.*



# Wat ass aus der Buergermeeschtesch hirem Gemeinschaftsgaart ginn?

Virun dräi Joer huet d'Buergermeeschtesch d'Initiativ ergraff fir zu Schuller e Gemeinschaftsgaart opzeriichten. Fir ganz vill Geld huet d'Gemeng en Terrain amenagéiert a Geschier kaf.

Wat a nëmme kuerzer Zäit mam Gaart geschitt ass, erkennt een op der Foto. Onkraut vergeet net!

# *Qu'est devenu le jardin communautaire initié par la bourgmestre ?*

*Il y a trois ans, la bourgmestre était à l'initiative de son « projet phare » : Créer un jardin communautaire à Schouweiler. Ainsi et pour un budget conséquent, la commune a aménagé un terrain et acquis des outils de jardinage.*

*Ci-dessous l'évolution de ce jardin totalement à l'abandon.*







# Wien verstoppt sech hannert der Facebook-Säit vun der Gemeng?

D'Facebooksäit vun der Gemeng Dippech misst eigentlech vun der Gemengeverwaltung selwer geréiert ginn. Dëst ass awer scho laang net méi de Fall. Ëmmer méi dacks gesäit ee Fotoe mat Texter wou just de Schäfferot sech selwer lueft. Gouf am Ufank nach ee vum Schäfferot senge Matleefer beoptraagt fir am Numm vun der Gemeng Fotoen ze maachen, sou sinn et an der Praxis d'Membere vum Schäfferot selwer, déi direkten Accès op dës Säit hunn a reegelméisseg Fotoe vu sech selwer dropsetzen.

Dëst ass och de Grond firwat ee quasi ni d'Oppositioun oder déi anerer Membere vum Gemengerot op dëse Publikatioune gesäit.

**D'Biergerinitiativ bedauert, dass hei ganz kloer den offizielle Site vun der Gemeng benotzt gëtt fir Parteipolitik a Walcampagne ze maachen.**

# *Qui se cache derrière la page Facebook de la commune?*

*La page Facebook de la commune de Dippach devrait, en principe et selon toute logique, être gérée par l'administration communale. Or ceci n'est plus le cas, et ce, depuis longtemps. En pratique, ce sont les responsables communaux eux-mêmes qui alimentent cette page avec leurs photos. Voilà pourquoi les membres du conseil communal et de l'opposition sont exclus de ces publications.*

***La Biergerinitiativ regrette que la page officielle de la commune soit détournée à des fins politiques et électorales.***




# Net genuch Holz fir all Demandeur

Och dëst Joer huet d'Gemeng Dippech Holz aus eise Bëscher zum Verkaf ugebueden. De Wanter steet virun der Dier an d'Energiepräisser explodéieren. Holz ass net nëmmen ekologesch mee och nach nohalteg.

Ouni sech iwwerhaapt ze renseignéieren wéi vill Holz zur Verfügung steet, huet de Schäfferot op sengem Avis all interesséierte Bierger aus der Gemeng eng Kouert Holz zum Präis vun 90 € versprach.

Obwuel d'Bestellunge net vill an d'Luucht gaange sinn, huet sech erausgestallt, dass vill ze wéineg Holz gemaach gi war. Vill Bierger sinn eidel ausgaangen a kruten souguer déi versprache Kouert net, wëll de Schäfferot kuerzfristeg an an aller Illégalitéit en Tirage au Sort improviséiert huet. Dëst ass net seriéis!

Am Géigesaz zu eisem Schäfferot bréngen aner Gemengen et fäerdeg hire Bierger ouni vill Problemer genuch Holz ze proposéieren.



## NEWS

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

IMPRESSUM:
Biergerinitiativ Gemeng Dippech a.s.b.l.

### Ënnerstëtzt eis!

D'Biergerinitiativ lieft nëmmen vun der Ënnerstëtzung vun hire Matbierger. Gidd dofir aktive Member an der Biergerinitiativ a beräichert eis mat ären Iddien a Proposen. Dir kënnt eis och finanziell mat enger Éierememberskaart vu min. 10 € ënnerstëtzen. **Kontosnummer: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000**

### Soutenez-nous!

La Biergerinitiativ a besoin du soutien de ses concitoyens. Rejoignez la Biergerinitiativ et partagez avec nous vos idées et propositions. Vous pouvez également nous soutenir financièrement moyennant une carte d'adhérent d'un montant min. 10 €.

**Numéro de compte: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000**

**Dës Publikatioun ass integral duerch d'Cotisatiounen finanzéiert. Cette publication est intégralement financée par les cotisations.**

Besicht eis op Facebook: **Biergerinitiativ Gemeng Dippech**